N°7515
Entrée le 26.01.2023
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 26.01.2023

**Här Fernand Etgen**
**President vun der Chamber**

Lëtzebuerg, de 26. Januar 2023

Här President,

Esou wéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Landwirtschaftsminister weiderzeleeden.

Laut den Zuele vum Statec gouf et am Joer 2021 1.869 landwirtschaftlech Betriber zu Lëtzebuerg. Am selwechte Joer louch d'Gesamtzuel vun de landwirtschaftlechen Aarbechtskräfte pro Joer bei 3.521 (UTA). Zuel vun de Ranner louch bei 189.543. An deem Kontext wollt ech folgend Froen un den Här Landwirtschaftsminister stellen:

- Wéi vill Betriber insgesamt beschäftege manner wéi 2 theoretesch UTA?
  - Wéi vill Betriber beschäftegen an der Déiereproduktioun manner wéi 2 theoretesch UTA?
- Wéi vill Betriber beschäftegen insgesamt tëschent 2 a 5 theoretesch UTA?
  - Wéi vill Betriber beschäftegen an der Déiereproduktioun tëschent 2 a 5 theoretesch UTA?
- Wéi vill Betriber beschäftegen insgesamt méi wéi 5 theoretesch UTA?
  - Wéi vill Betriber beschäftegen an der Déiereproduktioun méi wéi 5 theoretesch UTA?
- Wéi vill Groussvéieenheete gouf et insgesamt am Joer 2023?
  - Wéi héich läit d'Moyenne vun de Groussvéieenheete pro Hektar?
  - Wéi héich läit d'Moyenne vun de Groussvéieenheete pro Betrib?
  - Wéi héich läit d'Moyenne vun de Groussvéieenheeten an der Kategorie vun de Betriber ënner 2 theoretesch UTA?
  - Wéi héich läit d'Moyenne vun de Groussvéieenheeten an der Kategorie vun de Betriber tëschent 2 a 5 theoretesch UTA?
  - Wéi héich läit d'Moyenne vun de Groussvéieenheeten an der Kategorie vun de Betriber iwwer 5 theoretesch UTA?

Här President, ech  bieden Iech, mäin déifste Respekt unzehuelen.

**Martine Hansen**

**Deputéiert**

N° 7515
Entrée le 01.03.2023
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Agriculture, de la Viticulture
et du Développement rural

**Äntwert vum Minister fir Landwirtschaft, Wäibau a ländlech Entwécklung op d'parlamentaresch Fro n° 7515 vun der honorabeler Deputéiert Martine Hansen**

**Wéi vill Betriber insgesamt beschäftege manner wéi 2 theoretesch UTA?**

- **Wéi vill Betriber beschäftegen an der Déiereproduktioun manner wéi 2 theoretesch UTA?**

Zu Lëtzebuerg hunn 1122 Betriber manner wéi 2 theoretesch UTA, an 1409 Betriber manner wéi 2 theoretesch UTA an der Déiereproduktioun.

**Wéi vill Betriber insgesamt beschäftegen tëschent 2 a 5 theoretesch UTA?**

- **Wéi vill Betriber beschäftegen an der Déiereproduktioun tëschent 2 a 5 theoretesch UTA?**

Et gi 516 Betriber, déi insgesamt tëschent 2 a 5 theoretesch UTA hunn, an 363 Betriber, déi tëschent 2 a 5 theoretesch UTA reng an der Déiereproduktioun hunn.

**Wéi vill Betriber beschäftegen insgesamt méi wéi 5 theoretesch UTA?**

- **Wéi vill Betriber beschäftegen an der Déiereproduktioun méi wéi 5 theoretesch UTA?**

Et ginn 204 Betriber am Land, déi méi grouss si wéi 5 theoretesch UTA, a 70 Betriber, déi eng Déiereproduktion vun iwwert 5 theoretesch UTA managen.

**Wéi vill Groussvéieenheete goufen et insgesamt am Joer 2023?**

- **Wéi héich läit d'Moyenne vun de Groussvéieenheet pro Hektar?**
- **Wéi héich läit d'Moyenne vun de Groussvéieenheet pro Betrib?**
- **Wéi héich läit d'Moyenne vun de Groussvéieenheeten an der Kategorie vun de Betriber ënner 2 theoretesch UTA?**
- **Wéi héich läit d'Moyenne vun de Groussvéieenheeten an der Kategorie vun de Betriber tëschent 2 a 5 theoretesch UTA?**
- **Wéi héich läit d'Moyenne vun de Groussvéieenheeten an der Kategorie vun de Betriber iwwer 5 theoretesch UTA?**

D'Moyenne vun de Groussvéieenheete läit hei zu Lëtzebuerg bei 1,17 UGB pro ha, wann een d'Fläch, déi vun de lëtzebuerger Baueren am Ausland bewirtschaft gëtt, matrechent, sinn et 1,08 UGB pro ha.

Bei Betriber bis 2 theoretesch UTA sinn et 0,82 respektiv 0,77 UGB/ha.

Bei de Betriber vun 2 bis 5 theoretesch UTA sinn et 1,29 respektiv 1,21 UGB/ha, a bei de Betriber iwwert 5 theoretesch UTA sinn et 1,56 respektiv 1,35 UGB/ha.

All dës Zuele bezéien sech op d'Joer 2022.

Lëtzebuerg, den 1. März 2023

De Minister fir Landwirtschaft, Wäibau a ländlech Entwécklung

(s.) Claude Haagen